# 100 Punkte fir d'Gemeng

**D'ADR setzt sech fir dës 100 Punkten an:**

1. e Bevëlkerungswuesstem an eise Gemengen, dee **moderat** ass;
2. de **Charakter** vun eisen Dierfer, Stied a Gemengen erhalen;
3. eise **Patrimoine schützen** an historesch Gebaier a wäertvoll Bausubstanz erhalen;
4. bei grousse Bauprojete mussen **d'Bierger matbestëmme** kënnen;
5. sozial Mietwunnenge gi **prioritär un Awunner** aus der Gemeng;
6. Gemengewunnenge gi prioritär an zu engem **faire Präis u Jonker** aus der Gemeng;
7. Prioritéit bei **soziale bezuelbare Wunnenge** fir Leit mat enger Relatioun zur Gemeng;
8. Wunnraum, fir Awunner an **temporären Noutsituatiounen** ze hëllefen;
9. méi héicht Bauen an eng **erhéichte Wunnengsdicht** verhënneren;
10. **Privateegentum respektéieren** an d'Grondsteier net erhéijen;
11. **Kriminalitéit oppe behandelen** amplaz geheim halen;
12. e **Sécherheetsplang** zesumme mat der Police ausschaffen an ëmsetzen;
13. der Kriminalitéit mat enger **Null-Toleranz-Politik** entgéinttrieden;
14. der **Police** déi néideg Mëttelen, Infrastrukturen an Ënnerstëtzung ginn;
15. e wierklechen an effektiven „**Platzverweis**" uwenden;
16. d'**Kameraen** als en Deel vum Sécherheetsplang asetzen;
17. d'Gemenge kënnen och **privat Sécherheetsdéngschter** asetzen;
18. **Präventivaarbecht** am Beräich vun der Kriminalitéit leeschten;
19. de Pecherten déi néideg Ënnerstëtzung ginn, fir hir Aufgabe kënnen optimal ze erfëllen;
20. géint déi organiséiert Heescherei an de **Mënschenhandel** virgoen;
21. d'Sécherheet vun de Leit zu all Dageszäit, a besonnesch **nuets**, verbesseren;
22. d'Lëtzebuerger Sprooch als wichtegst Mëttel fir d'**Integratioun** notzen;
23. am ëffentleche Raum konsequent op **Lëtzebuergesch schreiwen**;
24. all de **Stroossen** nees en Numm op Lëtzebuergesch ginn;
25. **Gemengepublikatioune** méisproocheg an ëmmer och op Lëtzebuergesch erausginn;
26. d'Personal vun der Gemeng muss **Lëtzebuergesch schwätzen**;
27. **gratis Coursen** offréieren, fir d'Sprooch an d'Geschicht vum Land ze léieren;
28. eng **Abiergerungszeremonie** organiséiere fir Auslänner, déi Lëtzebuerger ginn;
29. d'Natur am allgemenge **Bebauungsplang** (PAG) schützen a fërderen;
30. an a ronderëm eis Uertschafte fir méi **Natur a Biodiversitéit** suergen;
31. méi **Gréngflächen a (Gemeinschafts-)Gäert** an eisen Uertschaften uleeën;

32. d’**Loftqualitéit** an den Uertschafte verbesseren;
33. **méi Beem** an den Uertschaften uplanze fir e regulativen Effekt bei héijen Temperaturen;
34. de **Buedem** net weider versigelen;
35. Stëllgewässer a Fiichtgebidder wa méiglech **renaturéieren** an nei uleeën;
36. d’**Liichtverschmotzung** reduzéieren a virum Kaméidi schützen;
37. eis Uertschafte mat **déierefrëndlechen** Infrastrukturen ekippéieren;
38. **Déierenasyler** an Opfänkstatiounen, fir wëll Déieren ze fleegen, generéis ënnerstëtzen;
39. **Solaranlagen** op ëffentleche Gebaier ubréngen, wouvun d’Awunner matprofitéiere kënnen;
40. bei industrielle Wandanlagen déi **strengste Sécherheetskrittäre** respektéieren;
41. d’**politesch Partizipatioun** fërderen an ausbauen;
42. bei kommunalen Decisiounen d’Bierger iwwert de **Referendum** direkt bedeelegen;
43. Gemengerotssëtzungen online iwwerdroen an archivéiere fir **méi Transparenz**;
44. **politesch Neutralitéit** vun alle kommunale Kommunikatiounsmedie garantéieren;
45. all **kommunal Verwaltungsakten** op der Gemeng um Pabeier an digital erméiglechen;
46. d’Gemeng **informéiert méisproocheg**, dorënner ëmmer op Lëtzebuergesch, an a liichter Sprooch;
47. méi **kulturell a sportlech Aktivitéiten** ubidde fir jonk an al;
48. déi **Jonk** eescht huelen a bei kommunale Projeten abannen;
49. e konsultative **Kanner- oder Jugendgemengerot** zu bestëmmte Punkten aberuffen;
50. fir qualitativ héichwäerteg Schoul- a Kannerbetreiungsstrukture suergen;
51. Betreiungsstrukturen a Schoulen op déi verschidde **Quartieren an Dierfer** verdeelen;
52. en **einfachen Zougang** zu Spillplazen, zur Natur an zu Sportinfrastrukture bidden;
53. iwwer sozial, kulturell, sportlech a kreativ Aktivitéite genuch **Impulser fir d’Kanner** schafen;
54. op de Gebrauch vun der **Lëtzebuerger Sprooch** an allen Infrastrukture fir Kanner insistéieren;
55. d’Partizipatioun um gesellschaftlechen, kulturellen a sportleche Liewe fir jiddereen erméiglechen;
56. Aktivitéiten och fir eeler Leit a Leit mat spezifesche Bedierfnesser zougänglech maachen;
57. generéis Ënnerstëtzung fir déi **kommunal Veräiner**;
58. de Veräiner déi néideg **Infrastrukturen** zur Verfügung stellen;
59. héich **Subside** fir de Veräiner hir wäertvoll Aarbecht an der Kanner- a Jugendbetreiung ausstellen;
60. de Veräiner **nolauschteren** an hinne mat Rot a personeller Ënnerstëtzung zur Säit stoen;
61. Initiativen ewéi Quartiers- oder **Noperschaftsfester** mat fräiwëllegem Charakter ënnerstëtzen;
62. **eeler Matbierger** eescht huelen an abanne bei Entscheedungen, déi si direkt betreffen;
63. eeler Leit a Leit mat spezifesche Bedierfnesser an hirer **Eegestännegkeet doheem ënnerstëtzen**;
64. **flexibel Transportméiglechkeete** fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit (z.B. Ruffbus) ausbauen;
65. **Infrastrukturen an Déngschtleeschtunge** fir jiddereen, ouni Aschränkungen, accessibel maachen;
66. Formulairen ëmmer och um Pabeier ausstellen a wou néideg och **Hëllef op der Gemeng** bidden;

67. **lieweg Dierfer** mat Geschäfter, Bank, Post a gesondheetlechen Déngschtleeschtunge gestalten;
68. d'**medezinesch Versuergung** verbesseren;
69. **kulturell Evenementer**, grad mat Bezuch zu Lëtzebuerg, ënnerstëtzen an hëllefen organiséieren;
70. **ëffentlech Bibliothéike** schafen, an deenen och administrativ Servicer kënnen ugebuede ginn;
71. lokal a regional **Muséeë** schafen an ënnerstëtzen;
72. eis **Kultur an Traditioune** weisen, fleegen a fërderen;
73. **historesch Plazen** net duerch onpassend Konstruktiounen devaloriséieren;
74. dat **reliéist Liewen** ënnerstëtzen, Kierchen a chrëschtlech Fester erhalen;
75. de lokalen a regionalen **Tourismus**, deen déi örtlech Eegenaarte valoriséiert, fërderen;
76. lokal a regional **Syndikater**, déi sech ëm den Tourismus beméien, ënnerstëtzen;
77. regional an interkommunal **Vëlospisten an Trëppelweeër** ausbauen an ënnerhalen;
78. **Natur- a Kulturparcoursen** uleeën a fleegen;
79. d'Awunner entscheede loossen, ob si en **Asylantenheem** an hirer Gemeng wëllen;
80. eng **aktiv Integratiounspolitik** fir déi Asylberechtegt ënnerstëtzen;
81. d'**Integratiounsaarbecht** allgemeng méi energesch a méi geziilt upaken;
82. d'**Diversitéit vun der Mobilitéit** fërderen iwwert d'fräi Wiel vum Fortbeweegungsmëttel;
83. den Awunner méi Matsproocherecht bei de **Buslinnen** erméiglechen;
84. d'Horairen op de **Bushaltestellen** op elektroneschen Tafelen an Echtzäit uweisen;
85. Servicer mat Méiwäert, ewéi **Ruffbus**, Citybus, Late Night Bus a Spezialbusser, fërderen;
86. d'Mobilitéit esou plangen, datt d'**Sécherheet** vun alle Leit garantéiert ass;
87. **genuch Parkplazen** zu verstännege Präisser oder gratis zur Verfügung stellen;
88. **verkéiersberouegt Zone** mat residentiellem Charakter a Wunnquartieren uleeën;
89. **naturfrëndlech Ëmgéiungsstroosse** bauen, wou et méiglech a sënnvoll ass;
90. den Awunner e **Krunnewaasser vun héijer Qualitéit** sécheren;
91. all Awunner e **Gratis-Drénkwaasser-Sockel** d'Joer zur Verfügung stellen;
92. e **Gratis-Offall-Sockel** bei den Dreckskëschten aféieren;
93. Moossnamen ënnerstëtzen, déi zum **Reduzéieren a Recycléiere vum Offall** bäidroen;
94. administrativ **Prozedure vereinfachen** a beschleunegen;
95. **Duebelmandater** fir Buergermeeschter a Schäffen **ofschafen**;
96. **d'Gemengenautonomie stäerken** an d'Interesse vun den Awunner vertrieden;
97. de **Gemengebudget** mat der néideger Verantwortung geréieren;
98. Buergermeeschter a Sozialschäffen eng Plaz am **Verwaltungsrot vum Sozialbüro** ginn;
99. de Gläichstellungsbeoptraagten an der Gemeng duerch e **Familljebeoptraagten** ersetzen;
100. méi **flexibel Kooperatiounsmodeller** tëscht Gemengen erméiglechen a fërderen.